
"Mir mussen Positioun huelen, mir däerfen niemols vergiessen, mir däerfen niemols ophalen d'Wourëcht ze soen." Dest Zitat vum Simon Wiesenthal ënnersträicht d'Wichtegkeet vun der Mémoiresarbëscht. Den Lycée du Nord ass der Meenung, dass een Geschicht net nëmmen am Klassesall soll vermëttelen, mee dass een Geschicht soll erliewen. An deem Sënn huelen mir eis Aufgab als „passeurs de mémoire" ganz eescht.




Vum 26. bis den 31. Oktober huet den LN dofir bei engem „voyage scolaire pédagogique" op Auschwitz, organiséiert vun den témoins de la 2ième génération, matgemeet. Enger Rei Schüler zesummen mat hiren Accompagnateuren, ass erméiglegt ginn un dëser emotionaler an onvergiesslecher Rees deeelzehuelen. Während dräi Deeg haten d'Schüler d'Méiglegkeet Auschwitz I an Auschwitz Birkenau a Form vun visites guidées op eng perséinlech Art a Weis ze erliewen. Vue que, dass esou eng Rees keen onberéiert léisst, haten d'Schüler d'Méiglegkeet sech a verschidden Workshops auszetauschen.





D'Rees gouf mat enger flotter Visite vun der polnescher Staadt Krakau ofgeronnt, wou de Schüler och den Alldag vun der jüdischer Bevölkerung während dem 2. Weltkrich méi no bruëcht ginn ass.



Auschwitz huet eis gewisen, dass een och no méi wéi 80 Joër d'Pflicht huet sech géint d'Vergiessen ze wieren. Eng Rei Andréck wäerten och mir sou séier net vergiessen...